



Emweltberodung
Lëtzebuerg a.s.b.l.

Projetskoordinator gesicht



Employé(e) gesicht

Lëtzebuerg, 13. Dezember 2018

CDD vum 01. Abrëll 2019 bis den 31. Mäerz 2020

20 bis 30 Stonnen d'Woch

Bei der Emweltberodung Lëtzebuerg asbl

Beschreiwung vun der Plaz:

Fir ee Congé de Maternité & Parental ze ersetzen, siche mir eng motivéiert Persoun, déi eis Equipe bei der Koordinatioun vu Projeten an dem alldeeglechen Aarbechtsoflaf ënnerstëtzt. D'Aarbechtssäite kënnen je no Profil a Besoin am Virfeld mam Kandidat festgeluegt ginn. Eng Verlängerung vum Kontrakt no engem Joer gëllt als Option.

Är Missioun:

- Erstelle vun eiser Newsletter & Update vun eiser Internetsäit
- Ausschaffen an Erstelle vun den Infographiken am Kader vun eisem Projet "Energie- an Ëmweltthema fir Bierger"
- Sammlung an Ausschaffe vu "Good-Practice-Beispiller" am Kader vum Klimapakt
- Ennerstëtzung vun der Equipe bei laufenden an neie Projeten an den Themeberäicher: Energiemanagement, Offallwirtschaft, Verfleegung, Mobilitéit, Akafspolitik, Urbanismus, Nohaltegkeet a Kommunikatioun
- Ennerstëtzung vun der Equipe bei der Organisatioun vu Seminaren a Workshope fir eis Memberen

Äre Profil:

- Minimum Bac +3 am Beräich Ëmweltwëssenschaften oder verwandte Beräicher, Management oder Kommunikatioun
- Sproochen: Lëtzebuergesch, Franséisch, Däitsch – aner Sprooche sinn e Plus
- Informatik: MS Office, aner Programmer sinn e Plus
- Kenntnisser am Layout a Grafik-Gestaltung sinn e Plus
- Dir sidd dynamesch a kreativ, teamfäeg an hëllefswillig an hutt och Eegeninitiativ a kënnt onofhängeg schaffen, sidd verantwortungsbewosst an kënnt Iech gutt organiséieren
- Liichtegkeet am schréfflechen a mëndlechen Ëmgang mat Leit
- Berufserfahrung am Beräich Ëmwelt/Kommunikatioun/Sensibiliséierung ass e Plus

Mir bidden:

- Eng ofwiesslungsräich Aarbecht mat villen interessanten Themeberäicher
- Matgestaltung a Weiderentwécklung vum Aarbechtsberäich
- Kontakt an Austausch mat Organisatiounen, Ministère, Gemengen an aneren Ëmweltakteuren
- E flotte Mix aus kollegialem Schaffen am Team an eegestänneger Projetsleedung
- Flexibel Aarbechtssäiten an engem jonken an dynamesche Kader, zentral geleeën an der Stad Lëtzebuerg

Schéckt Är Kandidatur mat Ärem CV w.e.g. bis de 14. Januar 2019 u folgend E-Mail Adress: info@ebl.lu